

Fir mat op de Wee

Firwat dëst Buch?

All Kéiers wann um lëtzebuenger Bichermaart eppes Neies publizéiert gëtt, wat et an enger anerer Form scho ginn ass, ass di berechtigt Fro vu verschiddene Leit: firwat kënnst da lo nach eppes zu deem Thema eraus. Ech wëll versichen, op dës Fro eng zefriddestellend Äntwert ze ginn. Et gëtt a mengen Aen dräi Grënn déi, am Fall vun dësem Buch, duerfir schwätzen.

Di éischt Ursach ass, datt et kee Buch gëtt, wou all di lëtzebuenger Soen dran zesummegefaasst sinn, och wann de „Sagenschatz des Luxemburger Landes“ vum Nicolas Greddt am Ganzen den imposanten Total vun 1159 där Soe beschreift. Am Original 1883 erauskomm, ass dat Buch am Laf vun 120 Joer en etlechmol iwwerschafft ginn an di lescht Editioun koum 2005 vum Institut Grand-Ducal eraus. Hannen am Buch, beim Opziele vun de Sourcen, wäert een awer gesinn, datt et nach e Koup aner Bicher gëtt, an deenen zum Deel diselwecht, zum Deel awer och nach ganz aner Soe beschriwwe ginn. Et gëtt donieft awer och nach Bicher, déi sech méi mat de Soen aus enger bestëmmter Géigend vum Land beschäftegen. Ech wëll als Beispill do just dem Jean Milmeister seng Soe vu Veianen an dem Al Steinmetz seng Soe vun der Ënnersauer zitéieren, och wann et där nach anerer gëtt.

Di zweet Ursach ass, datt di allermeeschte Bicher sou opgebaut sinn, datt se ee bestëmmten Themekrees queesch duerch d'Land behandelen, an dann esou mat all Kategorie verfueren. Wann een dann, fir e Beispill ze nennen, wëll nokucken, wat et alles iwwer Dikrech op deem Gebitt gëtt, da muss ee sech duerch di ganz Literatur liesen. Duerfir ass dëst Buch deen anere Wee opgebaut; et ass an di zwielef Kantonen opgedeelt, an dobäi di fréier Territoire vu Lëtzebuerg vu viru 1659, wou een dann nit sou laang ze siche brauch, wann een eppes iwwer eng bestëmmte Géigend oder Uertschaft nokucke wëllt.

Di drëtt Ursach, an dat war fir mech selwer di wichtigst, ass déi, datt et praktesch kee Soebuch an der lëtzebuenger Sprooch gëtt. Wuel fënnt een an deem engen oder anere Buch alt emol eng Geschicht oder e Gedicht an enger fréierer oder lokaler Schreifweis, an déi sinn an enger spezieller Schrëft hei och sou am Original publizéiert, mee dat ass awer éischer d'Ausnahm. A wéi kann een déi Soe besser duerstellen, fir hiren eegestännege Charakter erauszesträichen, wéi an eiser Sprooch, besonnesch wann e bëssen drop opgepasst ginn ass, fir den eelere lëtzebuenger Wuertschaz ze gebrauchen?

Verschiddener vun deene Soe sinn a méi Bicher erëmkoum. Do wou dat Bannescht gréisstendeels iwwereneegestëmmt huet, ass nëmmen eng Geschicht bäibehal ginn. Do wou awer d'Geschicht op eng aner Aart a Weis beschriwwen ass, sinn dann och di zwou Versioune gehal ginn, grad esou wéi d'Kuerzfaassung an di laang Gechicht hei hir Plaz fannen.

Well am Buch vum Nicolas Greddt mat deenen 1159 Soen der en etlech derbäi waren, déi just an e puer Zeilen beschriwwe waren a keng richtig Geschicht erginn hunn, sinn déi an dësem Buch an deene Sammelsoen iwwert de ganze Kanton beschriwwen.

Bei all Kanton hunn ech dann och nach probéiert, eng Serie Fotoen, haaptsächlech iwwer Gebaier, Statuen oder Monumenter derbäi ze maachen, déi sech op eng bestëmmte Soe bezéien, fir datt dat Ganzt nit zevill dréche gëtt, a vläicht verleeden d'Fotoen deen een oder aneren och derzou, fir sech dat mol selwer op d'Plaz ukucken ze goen, et rentéiert sech bestëmmt. Et sinn awer och bewosst al Fotoe mat erakomm, zum engen, well se den historeschen Hannergrond besser vermëttelen, zum aneren awer och well et sech ëm Erzielunge vu fréier dréint. Sougutt wéi et mer gaang ass, hunn ech

op den ale Vocabulaire aus eiser Sprooch zréckgegraff, well ech nit wollt, dass al Geschichte mat dem 'moderne' Wuertschaz vun haut géife „verhonzt“ ginn. Wann et mer awer nit ëmmer sou an d'Rei gaang ass, da bieden ech duerfir ëm dem geschätzte Lieser säi Verständnis.

Domadder wëll ech där oder deem intresséierte(r) Lieser(in) e flotten Zäitverdräif op de Spure vun all méigleche Soen a Geeschtergeschichte wënschen.

Wéi sinn d'Soen zustane komm?

An enger Zäit, wou d'Wëssenschaft nach nit esou entwéckelt war, dass se op all Phänomen eng gutt begrënnert Erklärung konnt ginn, sinn der Spekulation, der Imagination an der Deitung all Paarten op gewiescht, fir hannert all Ereegnes, sief et mat guddem oder schlechtem Ausgang, eng Erklärung ze sichen. Déi, di dodranner e bësse méi gewézt waren, hunn dat natierlech dann och esou ausgedäitscht, dass et hinnen an de Krom gepasst huet. An et wäert och kee verwonneren, dass do besonnesch d'kathoulesch Kierch sech ervirgedoen huet. Zum enge war dat, well si e grouse Prozentsaz vun de Leit mat enger gewësse Bildung haten; zum aneren huet hire perfektionéierten Ëmgank mat der Angscht vun der Bevëlkerung et fir si méi einfach gemaach, fir d'Leit bei der Staang ze halen.

D'Soe si vun de Geschichtenerzieler an den Uchte verbreet ginn, a vun de méi geléierte Leit wéi Paschtéier, Schoulmeeschteren, Juristen, Apdikter an awer och Studente konservéiert ginn, déi se néiergeschriwwen hunn. Di traditionell Erzieler ware ganz dacks Handwierker an Handelsleit, déi bei de Leit rondrëm komm sinn, wou se eppes gewuer goufen, mee awer och Beruffer, déi méi op Wanderschaft waren, wéi Handwierksgesellen, Kniecht, Meed an Hierten.

Firwat gëtt et vun eenzele Soen e puer Versiounen?

Dat ass am Fong geholl ganz einfach z'erklären: laang ier di éischt Soen néiergeschriwwen gi sinn, si se a villen Uertschaafte vu sou ville Leit an iwuerer Generatiounen weidererzielt ginn, an dann ass et nit verwonnerlech, dass emol deen een oder aneren eppes Klenges bäigefléckt huet, a sief et nëmme fir sech an d'Geschicht doduerch méi interessant ze maachen. Wann een do just de Schappmännchen hält, dee säin Onwiesen de Soen no praktesch am ganze Land gedriwwen huet, da kënnst ee sech jo och virstellen, dass déi Geschichten op enger Plaz am Land opkomm sinn a sech dann iwuer ganz Streecher verspreet hunn. Wann dat dann am Ufank nëmme mëndlech gemeet gouf, dann ass et souguer verwonnerlech, dass et nit nach méi Liesarten an Interpretatiounen gëtt.

Firwat gëtt et vu verschiddene Géigenden oder Uertschaafte vill méi Soen wéi vun aneren?

Fir dëse Phänomen gëtt et wahrscheinlech méi Ursaachen. Do gëtt et mol fir d'éischt de geographeschen oder politeschen Hannergrond. Do, wou an der Vergaangenheet méi Ofwiesslung war, wéi zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg, mat deene ville Fielsen, Festungen a Kricher; Veianen a sengem ofwiesslungsräiche Schlasslieden, de Groussraum Esch/Sauer mat Buerglieden, Eremiten a Wiichtelcher, oder den Dall vun de siwe Schlässer mat stänneg gewiesselten Herrschaften, goufen och vill méi Geschichten ervirgeruff. Da gëtt et och nach di geographesch Komponent, wéi de Minett mat senger Grouwen a senger industrieller Bedeitung; d'Ënnersauer an d'Musel, wou eis zwéi gréisst Flëss eng Parti Geschichte gemaach hunn.

Et gëtt awer och nach eng aner Erklärung: Den Nikolas Gredt, als Direkter vum Stater Kolléisch, wéi och duerno de „Luxemburger Lehrerverband“, hu sech, fir hir Wierker kënnen

zesummenzestellen, un d'Enseignanten an aner beliese Leit am Land adresséiert, fir d'Geschichten ze sammelen an op Pabeier ze kréien. Dann huet et vun der Begeescherungsfäegkeet vun deenen Eenzelnen ofgehaang, ob dat si iwwerhaupt intresséiert huet, oder ob se sech voll motivéiert domat beschäftegt hunn. Wann een dann an deene verschiddene Bicher bei de Geschichten nom Verfaasser kuckt, da gesäit ee ganz dacks diselwecht Nimm opdauchen.

E klengen Iwwerbléck iwwert d'Literaturgeschicht.

Wann een esou en Iwwerbléck am Beräich vun de Soen a Legende mécht, da muss ee sech virun Aen halen, datt déi Saache schonn iwwer Generatiounen den Tour iwwert Uuchten, Hierteferien an Zaldotelagere gemaach hunn, an datt trotzdeem nit allzevill um Sënn geréckelt gouf. Duerno, wéi eis Schrëftsprooch hir éischt Versich op wackelege Féiss gemaach huet, goufe Gottseidank och déi Saachen do mat abezunn. Ouni behaupten ze wëllen, datt et komplett an am leschten Detail richtig ass, ass hei alt emol e klengen, chronologesche Réckbléck iwwert d'Publikatiounen vun den éischte Joeren:

- 1845: Anton Meyer: Luxemburgische Gedichte und Fabeln
- 1853: Nic Steffen: Märchen und Sagen des Luxemburger Landes
- 1856: Peter Klein: Gedichte aus seinem Nachlass
- 1856: Jean Engeling: die Volksweisheit im Gewande der Dichtung oder Luxemburger Sagenschatz
- 1859: Amélie Picard: Gouttes de Rosée
- 1880: A.R. : Echternacher Volkssagen
- 1882: Edmond de la Fontaine (Dicks): Luxemburger Sagen und Legenden
- 1883: Nicolas Gredt: Sagenschatz des Luxemburger Landes

Hei gesäit ee schonn un den Titelen, datt do rose wéineg a lëtzebuurger Sprooch derbäi war.

Fir datt den Nikolas Gredt di imposant Sammlung do zesummestelle konnt, hunn eng 60 Leit aus dem ganze Land him gehollef, dat alles zesummendroen. Dat waren an der Majoritéit Paschtéier, Schoulmeeschteren a Studente vun Esch/Uelzecht bis op Helzen, vu Gréiwemaacher bis op Kénzeg. A sengem Buch von 1159 Soen ginn awer och déi matgezielt, déi alt nëmmen annerhallelf Zeilen ausmaachen. Déi sinn an dësem Buch nit zréckbehal ginn, wann nit och eng kleng Geschicht domat verbonne war, oder wann dach, ënnert dem Sammelbegrëff vum Kanton oder der Géigend.

Iwwer wat gött an de Soen geschwat?

Als alleréischt misst ee soen, datt och di klengst Onnatierlechkeet an der Natur de Leit hir Fantasie gekëddelt huet. Dat ass ugaang mat engem mëssrodene Bam, engem huele Bam, engem Bam voller Mëspel, e Bam mat Däiwelseeler, engem Bam, wou de Blëtz dra geschloen hat, iwwer Huelweeër, Schloffer, Fielszacken, da Wiederphänomenen wéi Blëtz an Donner, Niwwel, Äis a Schnéi, an zugudder Lescht d'Angscht virun der Däischtert. Da gouf et awer och nach d'Angscht virun alle Moueren a Suppen, wou een, wann ee bis doragerode war, nit méi erauskoum an enges schrecklechen Douds gestuerwen ass. Fir an der Natur ze bleiwen, kéimen dann d'Déieresoen un d'Rei, déi mat de gréissten Deel vun de Soen anhuelen.

Owes, an der Uucht, wann Déieresoen op d'Tapéit koumen, haten d'Wollefsgeschichten d'Éiereplaz. Dat kënnt doduerch well de Wollef bis d'nonzéngt Joerhonnert dat geféierlechste Raubdéier an eise Géigende war, an souwuel Mënsche wéi Vei ugegraff huet. Allerhand Awerglawen huet sech ëm dat Déier erausgeschielt. De Wollefszänn gouf nogesot, si géife géint Krämp, Angschtgefiller an Tollwut hëllefen; Kanner hunn als Fetisch e Wollefszant un enger Ketten ëm den Hals gedroen.

Kee Wonner, datt och d'Wierwollefgeschichten doduerch en immensen Opschwonk kritt hunn, entstanen an de Virstellung vum de Gehirer, déi vu Misär, Honger a Krich iwwerreizt waren. E Wierwollef ass e Mënsch, deen nëmmen nuets oprëtt, dee sech mat Hëllef vum engem Zauberrimm kann an e Wollef verwandelen. Duerno geet e schwéierfällig op Hänn an op Fëss ronderëm a fällt da Leit an Déieren un.

Do ass et da scho bal selbstverständlech, datt de Koseng vum Wollef, den Hond, och e groussen Deel vum den Erzielungen uitgemaach huet. Op där enger Säit als no Famill mam Wollef, op där anerer Säit als treieste Begleeder vum Mënsch. Schon a fréieren Zivilisatioune goufen d'Dugende vum Hond beschriwwen, sou als Cerberus mat dräi Käpp als Wuechthond virum Agank vum der Ënnerwelt oder als Alke, de Leethond am Juegdzuch vum Wodan.

Eng staark Wierkung op d'Fantasie vum de Leit hat natierlech och d'Schlaang, zënter der Verdriewung aus dem Paradäis dat béist Déier schlechthin. Do koum dann nach d'Gestalt an d'Faarf vum deem Déier derbäi, déi den Ekel eropbeschwuer hunn, grad wéi d'Angscht virum de Gëftzänn an deem béisen Zischen. All déi Saachen hunn der Schlaang eppes Dämonesches ginn, wou d'Imaginatioun vum de Leit fräie Laf hat, fir grujeleg Geschichten opzebauen.

Zënter jee huet d'Kaz bei de Mënschen zweespëtzeg Gefiller hannerlooss; a verschidde Zivilisatioune war se helleg, an aneren ass se als Däiwels- oder Hexendéier ugesi ginn. Am Mëttelalter gouf di schwaarz Kaz als Affer geholl wann d'Pescht ausgebrach war. An der Volleksmedizin vum Mëttelalter gouf ugeholl, datt Kazefleesch géint d'Schwindsucht gehollef huet, d'Blutt aus dem Schwanz géint an d'Kränkfale gedéngt huet an d'Kazefett e Mëttel géint Brandwonden a Fraschknuppe war. Et war eng wäitverbreeten Opfaassung, datt d'Séile vu streidereg a beschassene Fraleit nuets a Kaze fueren, wou se da virufueren ze zänken a schlecht iwwert d'Leit ze schwätzen. Bis an den heitegen Dag huet sech bei eenzele Leit d'Angscht gehal, Freides den dräizéngten enger schwaarzer Kaz ze begéinen.

Dat fir de Mann wuel nützlich a verléisslech Déier war d'Päerd. Hatt huet dem Bauer gehollef seng Aarbecht um Feld maachen; hatt huet d'Kräizfuerer bis an d'Hellegt Land bruecht; hatt ass bei Kricher agesat ginn, a bei alle Geleeënheeten huet et sengem Här a Meeschter a kriddlege Situatioune gehollef. An der Mythologie vum de Griichen huet et de Mierwon vum Poseidon gezunn; béi de Réimer huet den Neptun sech alt an e Päerd verwandelt, fir Härzer ze beweegen, a bei de Germanen huet den Odin seng gréissten Doten um Schëmmel Sleipnir vollbruecht.

Päerdskäpp, déi op Giewelen, Spacken oder Staange befestegt waren, sollte Kränkten ofwieren a virum Hexe schützen. Mee hatt war nit nëmmen en treie Begleeder vum Mënsch, hatt huet och fir di verschide Gesellschaftsschichten de Rächtëm vu sengem Besëtzer symboliséiert. E Feldhär mat ville Päerd war enger Arméi, déi nëmmen aus Fousszaldote bestan huet, wäit iwwerleeën. Wann haut gesot gëtt, en décke Bauer identifizéiert sech iwwer d'Gréisst an Zuel vum den Trakteren, sou war datselwecht fréier och mat de Päerd de Fall. Déi arem Baueren haten, wann iwwerhaapt, eng Kou oder en Ochs als Zuchdéier; en décke Bauer huet een do un der Zuel vu senger Päerd erkannt.

Schonn am Altertum war den Hues eng moundmythologesch Gestalt; dem réimesche Liebesgott Amor säi Won gouf vum zwéi Huese gezunn. An der Léift gëllt d'Huese pattiert als onfeelbaart Mëttel, a si mécht och den Zaldot onverwonderbar. Den Hues war d'Sënnbild vum der Fruchtbarkeit, hie war der Fréijoergöttin Ostara geweit. Zesumme mam Ee ass hien als d'Symbol vum Liewen, dat nom Wanter nei erwächt, ugesi ginn; dat huet sech als Ouschterhues bis haut sou gehal. Spéider gouf den Hues manner als hellegt, mee méi als geckegt Déier ugesinn, dat d'Leit an hir Gewunnechten op d'Schëpp geholl huet. Den Ausdrock „geckeg wéi e Mäerzhues“ gouf dacks zitéiert a souguer vum Shakespeare gebraucht. Dëst alles koum nit zulescht vum de Ritualen, déi di männlech Huesen am

Fréijoer ëm d'Gonscht vun hiren Dammen opféieren.

Wann et och nit verwonnerlech ass, datt manner Soen sech ëm di aner Hausdéiere wéi Rëndvéi, Schwäin, Schof, Geessen a Plommevéi dréinen, sou hätt ee kënne mengen, datt iwwer de Fuuss awer allerhand ze soe gewiescht wier, zemol well en an der Literatur als Reineke Fuchs, an de Fabele vum de la Fontaine a bei eis am Reenert grouss Virbiller hat. Grad ewéi vum Fuuss, gëtt vum Dachs oder Dues nach vill manner geschwat, zemol well se allenzwéin nuetsaktiv Déiere sinn, déi der Fantasie vill Spillraim gelooss hätten. Wat och verwonnerlech ass: vu Kueben als den Doudevullen oder den Eilen a Kauzen, deene hir Aktivitéite sech och meeschtens nuets ofspillen, gëtt nit vill geschwat.

Am allgemenge gëtt vun zwou Zorte vu Wierwëllef geschwat. Dat engt sinn Hexemeeschter oder Hexeléierbouwen, déi sech bewosst a Wierwëllef verwandelen. Si wëllen hire Matmënsche Schued oder Leed undoen, an duerno huele se rëm Mënschegestalt u wa se hir Zauberformel nit vergiess hunn. Di zweet Zort sinn déi, di duerch Verhexung oder Däiwelswierk zu Wierwëllef gemaach goufen. Déi Onglécklech kënne sech selwer nit hëllef, déi musse sech all Nuecht oder och just a Vollmondnuechten, heindsdo souguer siwe Joer laang, a sou en Ondéier verwandelen, ouni datt se hir Identitéit präisginn däerfen, well soss gëtt dee Fluch automatesch ëm siwe Joer verlängert. E puer vun deene Betreffene probéieren och alt, sech selwer zur Oder ze loossen, fir dee Fluch ze briechen. Et ass och alt duergang, wann een deene Leit hallefgebakent Brout z'iesse ginn huet. Wann een hinnen awer di ofgeluechte Kleeder wechgeholl huet, wa se sech just an e Wierwollef verwandelt haten, da konnte se duerno hir Mënschegestalt nit méi unhuelen.

D'Ardennen bloufen zum groussen Deel vun der Plo vun de Wierwëllef verschout, déi haaptsächlech franséisch Provënzen heemgesicht huet. Besonnesch schlëmm soll et an de Haute Bretagne gewiescht sinn. Do gouf behaupt, Paschtéier kënnten di Ongleeweg a Wierwëllef verwandelen, an an der Adventszäit konnte si souguer selwer zu Wierwëllef ginn. An der Wallonie ass de Wierwollef ouni Ausnahm männlech, mee an Däitschland a Frankräich kënnen och Fraen dovou befall ginn.

Geschichte vu Wollefmënschen gouf et schonn an de Antike, an déi sinn och a mëndlechen Iwwerliwwerungen an an der Literatur verschafft ginn. Bis an d'Mëtt vum 20. Joerhonnert nach hunn al Fraen haaptsächlech a ländleche Géigenden där Horrorgeschichten erzielt.

Vu Männercher a wëlle Jeeër

Dës Gestalte sinn et queesch duerch d'Land ginn; si hunn entweder gutt oder schlecht Eegeschaften gehat; e puer sinn der a gudder a schlechter Erënnerung bliwwen. De Männche schlechthi war de Schappmännchen, deen ee praktesch am ganze Land begéint huet, sief et och alt ënnert engem aneren Numm. Donieft goufen et awer nach:

- de Pirmesmännchen an de Jasmännchen ronderëm Bitscht
- de Kropemann zu Réiden
- de Jeekel zu Waarken
- de Schankemännchen an de Schiermännchen am Raum Groussbus
- de Leemännchen zu Genteng déisäit Veianen
- den Hamesmännchen, den Hünemännchen, de Kiddelmännchen, de Reederfränzchen, de Wuddermännchen op der Ënnersauer
- de Longkaulemännchen, de Stäipmännchen, den Alpigermännchen, den Äismännchen, de Stolzebiergmännchen op der Musel.
- zu gudder Lescht och nach di Onmass vu Männercher an de fréiere lëtzebuerger Territoiren,

haapsächlech am däitschsproochege Raum.

E beléift Thema am Geschichtenerzielen waren Jeeër- oder Juegdsoen, well do konnt ee senger Fantasie fräie Laf loossen, fir all di Geschichte méi faarweg, méi fierchterlech oder méi intressant ze beschreiwen. Well d'Juegd déi Zäit och nach de Privileg vum Adel war, konnt d'Vollek un deene seng Onzefriddenheet ausloossen, an eng, wann och nëmme kleng, Revanche fir all Zort vun Ënnerdréckung huelen, déi et huet mussen op sech huelen. An esou Fäll huet de Jeeër dann och mussen als Sonndeschënner duerhalen, dee kee Gott a kee Gebot respektéiert huet.

De gespenstésche Jeeër gouf et als wëlle Jeeër, éiwege Jeeër, grénge Jeeër, bloe Jeeër, feirege Jeeër oder, a besonnesch schlëmme Fäll, als Jeeër mat sengem Kapp ënnert dem Arem. An deene verschiddenen Uertschafte krut en och nach aner Nimm ugehaang. Do gëtt et dann de Polermännchen zu Munzen, de Kaaschtelmännchen zu Nidderkuer, den Hupmännchen zu Trënteng, den Alpigermännchen zu Rippeg, den Zennermännchen zu Éinen. Aner regional oder lokal Nimm waren: Schiermännchen, Grieselmännchen, Schankemännchen, Stolzebiergermännchen, Schappmännchen, Schäppchen, Jasmännchen, Pëschermännchen, Leemännchen. Erstaunlech ass och, datt de Jeeër, egal wéi grausam, onberechenbar, ongerecht oder ouni Rücksicht e war, ëmmer Männche genannt gouf. Dat eenzegt Mëttel fir sech, wéi weineg och ëmmer, dogéint ze wieren, war, datt d'Vollekssso déi Jeeër op éiweg zu enger grousser Bouss verdaamt huet.

De Maarkeréckler

Eng beléift Quell fir Soe ronderëm en Thema opzebauen, war deemools dat u sech nit sou grousst Verbriechen, d'Maarken ze réckelen. Fréier gouf et keng Zénk ronderëm d'Wisen, an do wou et op dem Aker nit eng Heck, e klenge Rampli oder e Gruef gouf, do goufen da grouss Steng an de Buedem gesat, fir säin Terrain vum Noper sengem ofzegrenzen. Déi Maarke waren wuel schwéier, mee mat engem Plou konnt ee se aus dem Buedem hiewen, a wann ee keng gutt an der Kopp hat, se op eng aner Plaz stellen. Wann een déi Tricke laang genuch gemaach huet, konnt een iwwer Joere säi Landbesëtz vergréisseren. Fir di eng war et einfach kriminell Veranlagung, fir di aner eng flott Aart a Weis fir d'Noperen op de Bam ze driiwen. An enger Zäit, wou et manner Geleeënheete fir kleng Gaunereie gouf, war dat eng Ofwiesselung wéi eng aner; wann et dann och nach nit direkt opgefall ass, gouf d'Versuchung ëmmer méi grouss.

Eng vun de Methode fir sech dergéint ze wieren, wann een et nit op e Prozess wollt ukomme loossen, wouzou di meescht Leit kee Geld haten, war Soen opbauen, wou de Maarkeréckler dann „vun uewe“ gestrooft gouf. Fréier gouf deene Strofe méi eng grouss Bedeitung zougeshriwwen, well d'Leit nach u Verdammung a Verbannung gegleeft hunn.

Di ganz Grouss an di ganz Kleng

Soe vu Rise gëtt et nit allzevill, éischter vun en etleche béise Geeschter an der Gestalt vu Männer, déi op bestëmmte Plazen oder fir besonnesch Geleeënheete ganz grouss konnte ginn, fir déi Leit e bëssen am Zam ze halen, déi soss Gott an der Däiwel nit gefaart hunn.

Am Géigesaz zu de Risen, sinn et di kleng Männercher oder Zwergen awer masseg ginn. Si goufe meeschtens Wiichtel, heiansdo och Kobolde genannt, haten ënnerierdesch Gäng a Wunnengen, wou se deelweis och allerhand Schätz gehitt hunn. Am allgemenge ware si léif Wiesen, déi den aarme Leit vill gehollef hunn, wa se gerecht behandelt gi sinn a wa kee se wollt op den Aarm huelen. Si hu ville Famillen aus aussichtlose Situatioune gehollef; si wollte just Unerkennung, mee kee Loun oder soss eng Erkenntlechkeet. Wann dann awer een dat wollt aus purer Dankbarkeet

maachen, da si se verschwonn an nit méi opgedaucht. Eng vun hire gréisste Spezialitéite war d'Bake vu Flamekuch a Brout, vun deem se och de Leit matginn hunn, déi nit ëmmer eppes z'iessen haten.

De Legendewee

Eng originell Iddi fir den Intressi un de Soen a Legenden lieweg ze halen, ass a Gemeinschaftsaarbecht vun zwee Naturparken enstan, déi sech am Quellgebitt vun der Sauer op belscher Säit an am Gebitt vun de Uewersauer op lëtzebuerger Säit zesummegegoen hunn. Op der belscher Säit heescht e Parc naturel Haute Sûre-Forêt d'Anlier a besteet aus de Gemengen Bastogne, Vaux-sur-Sûre, Fauvillers, Habay, Martelange a Léglise, am ganzen 72000 Hektar. 12 vun deenen 19 Legenden sinn am belsche Park. Op lëtzebuerger Säit heescht en Naturpark Uewersauer a besteet aus de Gemenge Bauschelt, Ell, Esch-Sauer, Stauséigemeng a Wanseler mat am ganzen 18400 Hektar. 7 vun de 19 Legenden spille sech op der lëtzebuerger Säit of.

Di zwielef belsch Legenden:

■ Grumelange/ Gréimel:	De Wisel mam Goldstéck
■ Tintange/ Tënnen:	D'Kapell vun Oeil an de verwonschene Bauerenhaff
■ Martelange/ Maartel:	Eng wonnerlech Chrëschnuecht
■ Bastogne/ Baastnech:	De Wierwollef vun Neffe
■ Bourcy/ Borzig:	De Ritter an di schéi Pilgerin
■ Villeroux:	De leschte Wollef vu Villeroux
■ Bodange/ Biedeg:	De verhaasste Ritter vu Bodange
■ Volaiville:	D'Wiichtellach
■ Planchipont:	En aalt Wëltschwäin verréit engem Mënsch Geheechnësser
■ Habay-la-Neuve/ Nei Habich:	Di lescht Marquise vum Pont d'Oye
■ Marbehan:	De Schatz vu Misbour
■ Léglise:	Den Doud als Gaascht um grouse Festiessen

Di siwe lëtzebuergesch Legenden:

■ Donkels:	De Donkelser Wollef
■ Bauschelt:	Di gëlle Wéi
■ Kauneref:	De Pirmesmännchen
■ Heischergronn:	De Jasmännchen
■ Esch-Suer:	Ukënegung vum Heinrich vun Esch sengem Doud
■ Bungeref:	De Bruddermuerd um Buergfrid
■ Rued:	Wéi d'Duerf Huelscheed verschwënnt

D'Hexen zu Lëtzebuerg

1. D'Hexeprozesser

Am ausleefege Mëttelalter louch den Ausgangspunkt vun de ville Soen iwwer Hexen an der Hexenhysterie, déi besonnesch grouss Ausmoossen am fréieren Herzogtem Lëtzebuerg hat. Dat huet dann zu Hexeprozesser mat meeschtens uschléissender Exekutioun gefouert; un alleréischer Plaz war dat duerch Relioun, Kultur a Gesellschaft bedéngt a beaflosst. Och wa vill Geriichtsakten aus där Zäit, bewosst oder onbewosst, verschwonn sinn, sou gëtt et awer relativ zouverlässeg Schätzungen, datt et tëscht 1560 a 1700 ongeféier 3000 Hexeprozesser, haaptsächlech géint Fraen, hei gefouert goufen. Si goufen och nit, wéi an der Inquisition, vun engem kierchleche

Spezialgericht, mee iwwert de Wee vu weltlechen Hougerichter ofgehal.

Jidder adlegen Här, deen d'Recht hat, d'Doudesstrof ze spriechen, konnt och en Hexeprozess féieren. D'Tribunal huet dann aus deem Här oder sengem Verrieder bestan, assistéiert vu Baueren, déi als Schäfte fungéiert hunn. Di iewescht Geriichtsinstanz hat och genee Virschrëften erausginn, wéi dës Prozesser ze féiere waren. Et war och festgeluecht, wéi wäit datt d'Folter dierft goen, mee di Adleg hu sech awer ni besonnesch dodru gestéiert, si hunn dat hirem Ermiessen no praktizéiert.

De Prozess ass dann a méi Etappen ofgelaf:

- Fir d'éischt huet mussen eng Klo gemaach ginn
- Wee geklot huet, huet da mussen Zeien opdreiwen, fir seng Klo ze beleen; d'Begrënnunge waren dacks skurril: eng béis Kränkt, e Puppelchen deen de Knuet nit opgedoen huet, e Päerd, dat futti gaang ass, oder e Randbéischt deen nit gesond war
- De Provënzialrot huet dann zwéin Experte gestallt, déi de ganzen Dossier nogekuckt hunn; an de meeschte Fäll hunn déi dann och enger Verhaftung vun där Persoun zougestëmmt. Do gouf dann och direkt d'Verméige vun där betroffener Persoun agezunn, well déi huet och selwer mussen, ob hanneno schëlleg oder onschëlleg, fir d'Prozesskäschten opkommen
- Duerno koum d'Konfrontatioun vun der beschëllegter Persoun mat den Aussoe vun de Belaaschtungszeien; baséiert op den Äntwerte sollten d'Experten dann entscheeden, wéi et géif weidergoen. Well et jo do gewéinlech keen Agestoe vun der Schold gouf, hunn d'Experten als nächste Schrëtt d'Folter virgeschloen. Di gängegst Aart a Weis fir ze foltere war d'Opzéien. Di ugeklot Persoun krut d'Ärem op de Réck gebonnen a gouf da mat engem Strack an d'Luucht gezunn, dann op de Buedem fale gelooss, an dat huet sech sou dacks widderholl, bis meeschtens um Enn eng Schold agestan gouf, souguer wann een nit schëlleg war.
- Wann awer een déi Folter ausgehal huet, dann huet e musse fräigelooss ginn, mee finanziell a gesondheetlech war en awer gebrach.
- Duerno goufen di iwwerfouert Hexen oder Hexemeeschter dann higeriicht, an dat duerch Feier an enger klenger Haip, nodeem se stranguléiert gi waren. Hir Äsche goufen am ongeweite Buedem baussent dem Kierfecht ageschäert.

2. Wouhir koumen di Leit

Opfalend am europäesche Verglach ass di héich Zuel vu Männer, déi ongeféier e Véierel vun den Ugekloten uitgemaach hunn. Da waren et ganz dacks Leit, déi nit dem Bauereberuff nogaang sinn. Zwou Beruffsgruppe waren opfälleg héich vertraueden. Dat engt war de Schmadd, dee gutt mat dem Element aus der Hell, dem Feuer, ëmgoe konnt an duerch säi Beruff vill mat Friemen a Kontakt koum. Dat zweet war den Hiert, dee sech meeschtens baussent dem Duerf bei sengem Trapp opgehal huet, an och allerlee Kraider a Mëttelcher kann huet, fir krankt Véi ze behandelen, an dann och alt seng Konscht un de Leit ausprobéiert huet.

D'Frae waren awer an der grousser Majoritéit, dat hat mat hirer ënnergeuerdenter Positioun an der sozialer Hierarchie ze dinn. Di allengstoend Fraen haten do de gréisste Risiko, souwuel nit bestuet wéi als Witfra, well si a gréisster Aarmutt gelieft hunn, an dann och alt emol probéiert hunn, eppes Klenges dobäizeverdengen. Eng vun dësen Aktivitéite war de Beruff vun der Hiewan. An der Virstellung vun där Zäit war alles, wat mat aneren Ëmstänn a Gebuert ze dinn hat, am Bannkrees vu magesche Kräften. Den Hiewane gouf och nogesot, si hätte Kenntnisser vun Ofdreiwung a Verhiddung.

Dat koom awer och doduerch, datt et am fréie Mëttelalter de Männer, heiansdo mat Dreëung vun der Doudesstrof, verbuede war, Gynäkologie an iergendenger Form ze praktizéieren; a sou goufen all déi Beruffer an di domat verbonnen Aktivitéiten ausschliisslech vu Fraen gemaach. Just fir ee Beispill unzeginn: et waren déi Zäit ëm di zweehonnert natierlech Mëttele bekannt, déi Schwangerschafte verhënnere sollten. Nit fir näischt goufen a ginn d'Hiewanen am franséischsproochege Gebitt „Les Sages-Femmes“ genannt.

Eng aner Kategorie waren di sougenannt Kraiderfraen, déi Salefen, Téi an aner Heelmëttelen zesummegebraut hunn, fir Kränkten, Mëssbildungen, chronesch Geeschteskränkten an aner Saache probéieren ze heelen. Dobäi goufen dann och Beschwierungsformelen opgesot, déi deem Ganzen eppes Mystesches ginn hunn, an da war et nit méi wäit bis op eng Hexevirstellung, besonnesch wann d'Resultat vun der Behandlung nit war wéi erwaart.

Dat Gantz gouf nach verstärkt duerch déi ganz streng Sexualmoral, déi déi Zäit vun der Kierch propagéiert gouf, fir dem „ausgeflippte“ Liewe vun där Zäit den Damp warem ze maachen. Wéi sou dacks war et och hei, wann ee vun engem Extrem an dat anert fält, dann ass et séier gaang, fir aus enger klenger Noléissegkeet e Ligekonstrukt opzebauen.

Am Ufank vum 16. Joerhonnert awer gouf den Afloss vun de Fraen am medezinesche Beräich vun de Männer behënnert, déi lo och an dës Beruffer erakomme wollten. Wann een dobäi dann di zweetklasseg sozial Positioun vun der Fra am allgemengen hält, wat läit da méi no, wéi deene Fraen dann allerhand Saachen unzedichten. Vun do bis bei den Hexeprozess war et dann nach just ee Schrack.

Do dernieft, am Schwonk vum Protestantismus, gouf och d'Prostitutioun schlechtgeriet a stigmatiséiert. Da muss een och wëssen, datt, ier déi Stréimung opkoom, och de Klerus an d'Bordellen an d'Fraenhaiser gaang ass. D'Fra an der Roll vun der Hex war op eemol an där Period de Blitzableiter fir vill Saache ginn, wéi z.B. sexuell Frustratiounen, den Nit-Respekt vun den Leeschtunge vun de Fraen op hire Spezialgebiddere; si hunn als Sënnendéiere mussen duerhale fir Katastrophen z'erklären, deelweis och als Oflenkungsmanöver a Spektakel.

3. D'Gottesuerteeler

Wann eng Persoun, déi ugeklot war, vun engem Dämon besiess ze sinn, mat Beweiser oder duerch Zeien nit konnt iwverfouert ginn, da gouf d'Gottesuerteel gehol. Dat huet am Kloertext geheescht: vu Mënsche goufe muttwëlleg Regeln opgestallt, déi just schwaarz a wäiss Alternativen haten, ower op jiddefall all Kéier en Uerteel erlaabt hunn. Di gängegst Formen dovun waren:

► D'Wasserprouf: den Ugeklote gouf un Hänn a Been gefesselt an dann an d'Waasser gehäit. Ass en uewe bliwwen, war e schëlleg, ass en ënnergaang, war en onschëlleg.

► D'Feierprouf: den Ugekloten huet mat plakege Féiss mussen iwver gliddeg Kuele goen. Wann en ouni Verbrennung dat hannert sech bruecht hat, war en onschëlleg. Eng aner Zort vun där Prouf war, aus engem Kessel mat kachendem Waasser e Géigestand erauszehuelen. Wann e sech dobäi nit verbrannt huet, war seng Onschold erweisen. Bei deenen zwou Methoden dierft dat awer ganz rar gewiescht sinn.

► D'Boerprouf: dee Beschëllegte gouf plakeg bei d'Läich vun där Persoun gefouert, déi hie soll doutgemaach hunn. Dann huet e mussen déi Wonnen kessen, un deenen déi Persoun gestuerwe war. Wann aus enger vun deene Wonne Blut erauskoom, da war e schëlleg.

► Den Duell: dee geklot huet an de Beschëllegten hunn an engem Duell matenee gekämpft fir Schold oder Onschold erauszefannen. Ween et fäerdeg kritt huet, säi Géigner kampfonfäeg ze maachen, fir deen hat Gott geschwat. Der deemoleger Ausleeung no huet Gott ëmmer den Onschëllege wanne gelooss, och wann e kierperlech ënnerleeë war.

Di verschidden Zorte vun Doudesstrof waren: Véierdeelen, Riederer, Erdrénken, Käppen, Ophänken, Verbrennen, Opspiessen, lieweg begruewen, je nodeem firwat déi Persoun veruerteelt gi war. Am Schlass Hohenstein a Sachsen gëtt d'Exekutioun vun der Doudesstrof, sou wéi se vum Keiser virgeschriwwe war, sou beschriwwen:

- Verbrenne fir Brandstëfter, Hexen, Hexemeeschter, Sodomisten, Kiercheraiber, Ketzer
- Käppe fir Doutschliéier, Raiber, Opwigeler, Vergewaltger, Glawensoftrënneger
- Véierdeele fir Verréider
- Riedere fir Mäerder a Gëftmëscher
- Ophänke fir Abriecher a Réckfälliger
- Erdränke fir Kannermäerderinnen
- lieweg begruewen oder Opspiessen och fir Kannermäerderinnen, wa fir Erdränken nit genuch Waasser do war.

4. Vun Hexen, Hexemeeschteren an Zauberer

Hexen an Hexemeeschtere waren déijéineg, déi sech vu Gott an dem Chrëschtentum lassgesot haten a mam Däiwel am Bond stoungen. Am wäiteste Sënn hunn dozou och di wëll Jeeër gehéiert, déi ëmmer sonndes an der Zäit vun der Houmass op d'Juegd gaang sinn. Zauberer dogéint waren déi, deenen iwwernatierlech Eegeschaften no gesot goufen, déi mat Hëllef vun Dämonen a béise Geeschter Saache gemaach hunn, déi een normale Mënsch nit fäerdegruecht hätt. Während Hexen an Hexemeeschter nëmmen am Chrëschtentum ernimmt ginn, gouf et Zauberer scho laang virdru bei den eelste Vëlker. Zauberer triede gewéinlech alleng op, Hexen an Hexemeeschter hu regelméisseg Versammlunge mam Däiwel. An all lëtzebuerger Soebuch gi Versammlungsplaze vun den Hexen uechter d'Land opgezielt. Dobäi spillt e Geeschtermusikant, et gi Kreesdänz opgefouert, ongesalzen a schlecht Iesswueren opgedëscht, an d'Hexe kréien nei Instruktiounen a Rezepten fir speziell Salefen a Gëftmëschungen ze fabrizéieren.

Den Däiwel selwer huet d'Hexe rekrutéiert, meeschtens ënnert der Gestalt vun engem flotte jonke Jeeër, deen nit bestuete Fraen oder Witfraen, déi schlecht dru waren, mat allerhand ëmgaachelt huet. Haaptsächlech an der Kierch huet sech d'Méiglechkeet erginn, fir eng Fra als Hex z'identifizéieren; do ginn di ongewéinlechste Methoden opgezielt:

- Ouschtersonndeg konnten d'Hexen nit an d'Kierch goen, well do konnt jiddereen s'erkennen, deen en Ee an der Täsche hat.
- Wann een am Ament vun der 'Wandlung' vum Altar aus an d'Kierch gekuckt huet, kann een d'Hexen erkennen.
- All Paschtouer, deen den „orate fratres“ gebiet huet a sech dobäi zu de Leit gedréint huet, konnt gesinn, wou d'Hexe wieren.
- Mam Zant vun enger Éig oder mat engem Weessekär aus dem Brout an der Täsche konnt een d'Hexen erkennen, well domat huet ee se mat engem Eemer um Kapp gesinn.
- An de Chrëschtmetten huet ee se erkannt, wann ee sech op e Stillchen aus néngerlee Holz gestallt

huet, well dann huet een d'Hexen op de Réck gesinn.

- Hexe verrode sech doduerch, datt se bei der Kommioun d'Hostie gär ënnert d'Zong geluecht kritt hunn.

- Si verrode sech och doduerch, datt d'Aueren an engem Zëmmer vum selwe stoe bleiwen, wa si an dat Zëmmer erakommen.

- Op Christihimmelfahrt gesäit ee beim Seegen d'Hexe mat Geessenhaaren um Kapp.

- Da gëtt et nach den ale Glawen, datt d'Leit, déi op Ellesonndeg op d'Welt komm sinn, d'Hexen aus der Géigend erkenne kënten, wa si géife beim Ausdeele vun der Kommioun dem Paschtouer, deen d'Hostie zur Ubiedung an d'Luucht hieft, ënnert dem Arem erduerch kucken. E Jong vu Miedernach, deen op Passiounssonndeg gebuer war, wollt dat Experiment ausprobieren, fir ze kucken, ob et géif stëmmen; wéi hie Massdénger war, huet en dem Paschtouer ënnert dem Aarm erduerch gekuckt, an hien huet seng eege Groussmamm mam Sträicheemer um Kapp gesinn.

- Och de Buedem, deen de Paschtouer bei engem Begriefnes mat der klenger Schëpp op d'Lued gestreet huet, war brauchbar fir Hexen z'erkennen. E Mann vun Duelem hat eng Kéier dëse Buedem a sengem Hutt matgeholl, an deen iwwert den Trëtt op der Kierchendier gestreet; all déi Fraenhexen, déi an der Kierch waren, konnten dunn nit méi eraus; wéi de Paschtouer gesot huet, si sollten heemgoen, goufe si zur Äntwert: „*Da loosst fir d'éischt de Buedem vun der Kierchentrap ewech kieren*“. Zu Biissen haten e puer couragéiert Borschten datselwecht gemaach, fir d'Fraenhexen an der Kierch ze halen. Mat der Hex vu Bäerbuerg an hiren dräi Gefuedeschen hat e jonke Mann sech och sou e Jux gelescht, deen hien awer deier ze stoe koom: hien huet sech beim Begriefnes och dëse Buedem geholl an deen op d'Kierchentrap gestreet. Dee Buedem gouf fir d'Hexen zu enger Mauer a si sinn nit méi erauskomm. De jonke Mann ass no enger Zäit awer krank an duerno ni méi gesond ginn.

- En doutsécher Zeeche fir bei den Hexeprozesser iwwerfouert ze ginn, war d'Hexemol, dat haut Schéinheitsfleck oder Liewerfleck genannt gëtt. Soubal eng Fra sech dem Däiwel verschriwwen hat, huet se sou e Fleck vum Däiwel kritt; do war och kee Gefill dran.

5. Wou hunn d'Hexe sech versammelt?

Wann hir Versammlunge waren, si se mat enger Zauberformel wéi „*iwwer all Hecken an Traisch*“ fortgeflunn, oder si hunn de Fanger an en Dëppe mat enger geheimer Salef gestach, an da konnte se duerch de Schaaschtech op engem Biesemstill op di mysteriéis Plaze fléien.

D'Versammlungsplaze vun den Hexen huet een dorun erkannt, datt se d'Form vun engem Krees haten, an datt näischt méi drop gewuess ass. Do hate si och hir Rendez-vousë mam Däiwel, deen an de verschiddenste Gestalten do opgedaucht ass, fir allerlee Näischnotzegkeeten auszebréien. Di bekanntste Versammlungsplazen hei am Land waren di Käercher an di Kopleschter Heed, den Tételbiërg bei Rolleng, den Tossebiërg bei Mamer, de Gaalgebierg bei Eschduerf, d'Jénkekopp bei Dräibur, souwéi d'Kazenhiel op der Strooss vun Uewerpallen op Fraassem. Et gouf och nach den Tull zu Iechternach, deen eng wichteg Roll an den Hexeprozesser gespillt huet.

Sou huet een heiandsdo bei Konstern op de Kueleplazen e Krees gesinn, wéi se entstinn, wann een iwwer länger Zäit e Kreesdanz mécht, wat dann op Hexeversammlunge schlësse léisst. An der Reebechskimmerche bei Dikrech, e Flouer hannert dem Säitertbësch, hu sech all Sonndes d'Hexe getraff, déi op Biesemen dohi geridde sinn. Si souzen dann ënnert engem grouse Birebam, fir sech

ze beroden an hir Zauberrezepter ënnereneen auszetauschen.

Et gëtt awer behaupt, datt wann et elo mat deem ganzen Hexen- an Zauberwiesen ophéiert, wier dat de Verdéngscht vun deenen dräi leschte Peepst, op deenen hir mächtig Firsprooch Gott all Zauberer an Hexen, mat all hirem Geschier an d'Ruine vum Tuerm vu Babylon verbannt hätt. Wann ee laanscht déi Ruine kënnt, dann héiert een dodran en Duerchernee vu Stëmmen a Geknouters ouni Enn, mee lo brauch kee Mënsch méi dat ze fäerten.

Spekulatiounen ronderëm de Mudderkar

Wéi war et méiglech, datt zur Zäit vun de Inquisitioun vu Leit behaupt gouf, datt Hexen op engem Biesem duerch d'Loft geridde sinn oder Männer sech mat engem Rimm an e Wierwollef verwandelt hunn. Des Fantasië kënne sech nit all duerch Folterungen erkläre loossen. Mat den neiaartege Methode fir Analysen ze maachen, sinn d'Wëssenschaftler op eng gëfteg d'Drog gestouss, déi et am Brout ginn ass. Als e Bestanddeel vum Kar huet d'Mudderkar regelméisseg zu Ergotismusepidemië geféiert. Domat bezeechent een d'Zesummenzéie vun de periphere Blutgefässer, dat schlëmmstefalls kann zu engem Verloscht vu Gliddmoossen, déi vum Brand befall gi, féiere kann. En aneren Numm duerfir ass Antoniusféiwer. Et trëtt awer och als chronesch Erkrankung mat schwéiere Krämp op, dat dann epilepteschen Ufäll gläicht. Dat weist sech dann och an enger Zort Delirium, an dat besonnesch an Zäite vu grousem Hunger, wou déi Éigen, déi vun deem Pilz befall waren, nit aussortéiert goufen. Déi Vergëftung mat Mudderkar war nieft Lepra a Pescht eng vun de gréissten Epidemien am Mëttelalter. De leschte bekannte Fall vun Ergotismusepidemie gouf et nach 1926 a Russland.

De Problem war, datt d'Leit dee Parasitpilz just als eng Deformatioun ouni aner Problemer gesinn hunn. Je no Regioun enthält dee Pilz awer nach aner Alkaloiden, wéi Sairenderivater, mee och Egotamin, wat e Grondsteen vu Medikamenter fir de Blutdruck rofzedrécke gouf. So gëtt ugeholl, datt am antike Griechenland d'Mudderkar di halluzinogen Basis vum Orakel vun Delphi a vun de Mysterien vun Eleusis war. An Däitschland gouf d'Mudderkar schon am Mëttelalter vun den Hiewane gebraucht, fir d'Gebuertswéien méi séier ze provozéieren.

Versenkte Klacken

D'Geschichte vu versenkte Klacke si vu jeehier ëmmer erzielt ginn; da war d'Ursach gewéinlech e Krich, wou d'Leit d'Klacke virun hire Géigner verstoppt hunn. Dës wollten di friem Zaldoten de Leit aus méierlee Grënn ofhuelen:

- fir ze weisen, datt d'Allmuecht vun hirer Gottheit nit sou grouss wier, wéi dat déi Zäit an der Volleksmeening verbreet war
- fir sech mat imposante Krichsgidder ze bretzen.
- fir wäertvollt Metall ze kréien, aus deenen een duerno Kanoune géissen oder Mënze klappe konnt

Där Soe sinn et iwwe d'ganzt Land verdeelt ginn:

Zu **Méischdref** op der Sauer, wou se an enger Déift ouni Fong am Floss versenkt goufen. Al Fëscher behaapen, op den Haaptfeierdeeg vum Joer géife se am Waasser nach vum selwen ufänke mat Laudén.

Zu **Waasserbëlleg** bei der „Fierkelslee“, en isoléierte Fielsblock, deen héich opgeriicht am Waasser

steet.

Zu **Stadbriedemes**, wou d'Trëntengerbaach an d'Musel leeft, op der Plaz „Keller“, déi haut bal ganz verschott ass.

Zu **Bech-Klengmaacher**, wou d'Baach vu Rëmerschen an d'Musel fléisst.

Zu **Veianen** an der Our, vis-à-vis der Neikierch, um „granzege Pull“. Dat ass eng onheemlech Déift mat sou engem geféierlechen Trëndel, wou d'So erzielt, datt e Ritter mat zwee Pæerd do erdrong ass.

Bei **Käerch**, an der Äisch, gëtt et eng Plaz, déi Klackendëmpel genannt gouf, an déi erzielt, wat hei emol geschitt ass.

An der Supp tëschent Butschebuerg, Biereng a **Beetebuerg**. Dës Supp heescht „Wibbelsmierchen“, an an der Mëtt dovou soll e Bur gewiescht sinn, deen lo awer verdrécht ass. Do solle viru Joeren zwou Klacke versenkt gi sinn, déi nach laang duerno an der Nuecht gelaut hätten.

Ëstlech vu **Biermereng** gouf et e Bur, deen elo verschott ass, wou d'Awunner eng Klack dra verstoppt hunn, fir datt se hire Géigner nit an d'Hänn fale sollt.

Buergen a Schlässer

Praktesch all eis al Buergen a Schlässer kommen an de Soen zu Éieren; dat léisst sech och einfach erklären: am Mëttelalter waren di Buerghären an hirer Géigend di onemschränkt Herrscher iwwert all déi Leit, déi an hirem Beräich gewunnt hunn. Dat meescht an dat beschte Land huet hinne gehéiert, an di arem Leit konnten dat da bewirtschaften, wou se awer dann den Zéngtel als Puecht oder Steieren hu mussen un de Besëtzer ofrieden. Och d'Mëlleren hu vun all Sak Fruucht, dee se gemuel hunn, en Deel dem Buerghär als Miel hannerlooss, well zum dacksten deen och Besëtzer vun der Mille war. Sou eng Millen huet da Bannmille geheescht, an de Buerghär huet schonn opgepasst, datt keen aneren eng Millen op sengem Territoire opgericht huet.

Dofir huet de Buerghär dann d'Protektioun vu sengen Ënnerdéngegen iwwerholl, fir si géint Iwwergreif vum Nopeschären ze beschützen. Wann een dat elo am historeschen Hannergrond kuckt, kënnt een awer och zur Conclusioun kommen, datt si éischer do no hiren Intresse wéi no deene vun den aarmen Ziviliste gekuckt hunn. Et kënnt ee souguer soen, datt se déi Leit éischer als onmëndeg Handlanger a Kanounefudder bei hiren ongezielte Sträifzich géint hir Nopere méssbraucht hunn.

Do dernieft hunn déi Hären dann och nach op hire Buergen a Schlässer gelieft, imposant Gebaier meeschtens op héije Fielsen, rondrëm vun Réngmaueren a Waassergrief, a mat grouse Fallbrécken a schwéiere Paarten ofgeséichert. Wa si dann opgedaucht sinn, sief et a voller Rëschtung fir iergendeen Noper unzegräifen oder einfach nëmme fir hir Lännereien ze duerchsträifen oder fir op d'Juegd ze reiden, hu se deene meeschte Leit Respekt an Angscht agedriwwen; aus dësem Respekt sinn dann heiansdo di wonnerlechste Soen entstan. Och wann eng grouss Zuel vun dësen Hären hiren Ënnerdéngege gutt gesénnt waren, sou waren der awer och en etlech dobäi, déi sech vis-à-vis vun hire Leit ongerecht, grausam an onmenschlech beholl hunn. Géint dës hunn dann e puer couragéiert a gewëtz Leit sech gestäipt, fir sech mat Tricken, lussege Spiichten, oder op eng aner Aart a Weiss ze wieren. Déi waren dann och erëm d'Helde beim Vollek, well se sech dat erausgeholl hunn, an da sinn doraus och rëm aner Soen entstan.

Wann een da queesch iwwert d'Land kuckt, wéivill där Schlässer a Buergen et gouf, da kann ee sech jo virstellen, wat fir en Zodi déi ënnereneen haten fir sech ze behapten oder hire Besëtze ze

verdeedegen. Hei sief als Beispill en aalt Spréchwuert zitíert: „*Wéi den Däiwel d'Schlässer geséint huet, ass him bei Réimech de Sak opgefuer*“. Donieft gëtt et awer och nach aner Géigenden, déi räich mat Schlässer a Buerge geseent waren:

- Den Dall vun der Äisch oder Dall vun de siwe Schlässer
- D'Géigend vu Buerschent bis Veianen
- D'Géigend vum Mëllerdall

D'Tempelhären

Een nit onbedeitenden Deel an dem Soeschatz sinn d'Templer geschichten, oder, wéi een haut géif soen, d'Freimaurer. Deenen hir Aart a Weis fir ze denken an ze handele war der Kierch en Dar am A, an duerfir fënnt een och knapps eng So, wou deene Leit hiert Wierke positiv beschriwwe gëtt.

Den André Bauler schreift 2008 am „De Cliärrwer Kanton“ dat hei iwwert d'Templer am Éislek.

D'Templerbuergen an Templerhaiser am Éislek

Den 13. Oktober 2007 waren et op den Dag genee 700 Joer hier, datt all Tempelritter an enger „Nacht- und Nebel“-Aktioun a Frankräich op Uerder vum Kinnek festgeholl goufen. Domat goug e joerelaange Prozess un, deen zëg Tempelhären d'Liewe kascht huet an um Enn vun deem de Groussmeeschter Jacques de Molay op enger Insel an der Seine, no bei der Kathedal Notre-Dame vu Paräis, verbrannt gouf.

Dat war den 18. Mäerz 1314. Am selwechte Joer si souwuel de franséische Kinnek Philipp IV., och nach „de Schéine“ genannt („Philippe le Bel“), an de Pooft Clemens V. verscheet. De Jacques de Molay soll hinne bei senger Hiriichtung deen Doud virausgesot hunn.

D'Geschicht vum Templeruerden

Den Templer hir Geschicht ass äusserst facetteräich a komplex. Et huet kee Wäert op dëser Plaz an d'Détailer ze goen. Iwwer d'Geschicht vum Uerden, d'Ursaache vu sengem Räichtum, sengem immensen Afloss op d'mëttelalterlech Gesellschaft a senger militärescher Kraaft gëtt et e sëlliche Publikatiounen.

Ech erënnen an deem Kontext all interesséiert Lieser un dem Andreas BECK (1997) säi Buch „Der Untergang der Templer - Größter Justizmord des Mittelalters?“

Am Résumé kann ee Folgendes festhalen:

- Den Uerde gouf ëm d'Joer 1120 vum Hugue de Payens gegrënnt. 1128 huet de Bernhard vu Clairvaux d'Uerdensregel um Konzil vun Troyes bestätegt. De Kinnek Baudouin II. huet den Templer zu Jerusalem een Deel vu sengem Palais geschenkt, deen op de Grondmauere vum Salomon sengem Tempel stoung.
- D'Tempelhären hu sech dem Schutz vun de Pilger am Hellege Land verschriwwen a goufen och nach „arm Ritter Christi“ (Pauperi milites christi) genannt. Si ware kee „Mönchsorden“ mat

karitativer Ausrichtung, mä e Ritteruerden, dee sech a senger Liewensweis no de Regele vun den Zisterzienser geriicht huet. Si hunn e wäisse Mantel mat engem roude Kräiz, dat drop gestéckt war, ugedoen.

- Am Laf vum 12. an 13. Joerhonnert ass den Templeruerden ëmmer méi räich a méi mächtig ginn, well d'Peepst den Templer wichteg Privilegien zouerkant hunn, déi aner Uerden net erlaabt kruten. Den Templeruerden ass iwver Jerusalem rausgewuess an hat Néierloossungen a verschiddene Länner. D'Zuel vun de Ritter ass rasant an d'Luucht gaang, awer och déi vun hirem Personal.
- D'Templer waren an Handels- a Finanzgeschäfte verwickelt, si goufe Banquiere vum Adel an haten eng eege Flott. Si hunn et fäerdegbruecht op sécher Manéier, riseg Geldzomme vun Europa aus an d'Helleg Land ze bréngen. Mat hinne war et fir d'éischt an der Mënschheetsgeschicht méiglech, ouni Borgeld ze bezuelen. Hir Privilegien, hir Autonomie an hire Räichtum hunn hinne kaum Frënn verschafft. Dëst sollt spéider hirt Verhängnes ginn.
- Wéi de franséische Kinnek d'Templer verhafte gelooss an hinne Schlëmme virgehät huet, gouf et wierklech keen, deen hinne nogekrasch hätt. Aus Kräizritter, déi am Ufank no héije chrëschtliche Idealer gestriift hunn, ware lussege Geschäftsleit ginn. Dat konnt knapps riicht ausgoen. D'Templer haten och Buttek mat de Johanniter. Och hu si sech mat den Deutschherren, dem Kinnek vu Jerusalem, dem Keeser Friederich II. a souguer mam Pöpst ugeluecht. Géint Ufank vum 14. Joerhonnert war dunn d'Bëtschel fett, an et huet nët méi laang gedauert, bis de franséische Kinnek Philipp IV. zougeschloen huet.
- Den 22. März 1312 gouf den Templeruerden um Konzil vu Vienne vum Pöpst Clemens V. opgehewen, an zwee Joer méi spéit, am März 1314, ass dee leschte Groussmeeschter, Jacques de Molay, zu Paräis lieweges Läifs verbrannt ginn.

Tempelritter zu Rued/Veianen, Gilsdref a Viichten

Och hei am Land haten d'Tempelritter Néierloossungen, sou genannt Kommenden oder Commanderien. Ech erënneren do un d'Publikatioun vum Jules MERSCH, dí 1974 am Kader vun der „Biographie nationale du pays de Luxembourg“ rauskomm ass.

An dëser Biographie geet den Här Mersch och op den Templerhaff zu Gilsdref an. Dësen Haff, deen um Bockeknapp louch, huet zur Commanderie vu Rued bei Veianen (Roth/Vianden) gehéiert. D'Templer schéngen sech ëm 1150 an der Grouschafft Veianen néiergelooss ze hunn. 't ass och gewosst, datt si keng kammout Häre waren a mat den Trinitarier am Clinch louchen.

1256 hu si zu Veianen eng „capella militum“ opriichte gelooss, déi 1311 ënner de Patrozinium vum Hl. Neklos gestallt gouf. Nieft hirem Schlass zu Rued sollen d'Templer nach weider Propriétéiten am Lëtzebuurger Land gehat hunn, awer just déi vu Gilsdref a Viichten si schrëftlech gesécher.

Den Templerhaff um Bockeknapp, deen och am Jean HAAN sengem Buch iwver Gilsdref beschriwwen ass, war schonn der Verwaltung vum Jousef II. e Begrëff. Ëm 1790 gouf ënner éisträichescher Herrschaft - bei Aarbechte rondrëm d'Veerlee vum Sauerbett - e Ritter an enger Lued fonnt. D'Läich war duerch d'Waasser mumifizéiert, ass awer, soubal se un d'Loft koum, zerfall. Et gouf ugeholl, datt et d'Iwwerreschter vun engem Templer waren.

An d'Räich vun de Legende gehéiert awer d'Geschicht vun engem Pëtz, deen zu engem ënnerierdesche Gank gefouert hätt, mat deem den Templerhaff vu Gilsdref an d'Billhaus vun Dikrich um Bottermaat (haut ass an deem Haus d'Friddensgeriicht) matenee verbonne geweescht

wieren. D'Billhaus huet als eng Aart Refugium gedéngt a war grouss bzw. befestegt genuch fir souwuel Récolte wéi och Wäertsachen ënnerzebréngen.

An engem Dokument vu 1693, dat vun engem Notär geschriwwe gouf, gëtt eng „Wiess auf dem großen Steinrausch“ zu Bettenduerf ernimmt, wou Ruine vun engem Templerhaus fonnt gi wieren. Et kann awer och sinn, datt et sech heibäi ëm d'Iwwerreschter um Bockeknapp gehandelt huet.

No der Opléisung vum Templeruerde sinn all Liganschaften, den Haff um Bockeknapp an d'Häichelermillen, déi zum Haff gehéiert huet, un d'Johanniter bzw. d'Malteser gefall. D'Kierch an d'Schlass vu Rued sinn haut nach erhal, d'Millen an den Templerhaff vu Gilsdref sinn awer zënter Jorhonnerten nët méi ze gesinn. D'Akte vu Rued goufe bei engem Brand den 11. Mäerz 1940 am Klouschter Springiersbach (D) zerstéiert, sou datt weider Recherchen onméiglech sinn. Haut erënnert an der Dikricher Hôtelschoul de „Bar des templiers“ un d'Präsenz vun den Tempelhäre vu Rued zu Gilsdref um Bockeknapp, also net wäit ewech vum heitege „Lycée technique Alexis Heck“.

Wéi den Ierpeldenger Schlasshär d'Tempelritter bei Méchela verdriwwen huet

A sengem Buch „Sagenumrankte Heimatburgen - Am Sagenborn des Luxemburer Volkes (Band I)“, schrëift de Jean HAAN (1987), datt an der Géigend vu Méchela op engem Fiels um lénke Bord vun der Sauer eng stolz Templerbuerg gestanen hätt. Si soll de Numm „Horn“ gedroen hunn. D'Tempelritter, déi hei gewunnt hunn, ware gefaart an hätten d'Awunner aus der ganzer Emgéigend ënnerdréckt. Den Ierpeldenger Här - deemols hat Ierpeldeng nach eng Waasserbuerg - soll sech dunn de Leit erbaarnt an d'Templer verdriwwen hunn.

D'Templer ware gewëtzt Kärelen a si hunn et verstan, hir Géigner op d'Glatäis ze lackelen. Sou hu si hir Päerd einfach deen emgedréite Wee beschloen. Wéi awer dunn e Schmadd den Tempelhären hiert Geheimnes verroden huet, du woussst den Ierpeldenger Här, wéi hien déi wëll Ritter ze pake kréich an et ass him gegléckt, déi stolz Buerg „Horn“ dem Äerdbuedem gläich ze maachen.

Dokumentaresch gekuckt ass et awer kengesfalls geséichert, datt et dës Buerg wierklech gouf. D'Tempelhaus tëscht Ierpeldeng a Méchela kann deemno grad sou gutt an d'Räich vun de Legenden a Seeërcher verwise ginn.

Et ass awer eng apaart Geschicht, déi weist, datt d'Vollek sech - laang nom Ënnergank vum Templeruerden - mat dëse Ritter beschäftegt huet. Wou genee de Fiels iwwer der Sauer war, bleift en éiweg Geheimnis. War et an der Géigend vum „Priedegtstull“ oder der Holzbaach, beim „Dantekapp“, beim „Bierdenerhals“ oder op enger ganz anerer Plaz? Hei sinn der Imaginatioun keng Grenze gesat.

Tempelhaiser am Clierfer Kanton

De Jules Mersch huet a sengem Essai iwwer den Templeruerden och eng Rei Plazen opgezielt, déi am Clierfer Kanton leien, an déi den Templer gehéiert sollen hunn. Sou goufe Ruinen oder Iwwerreschter vun Tempelhaiser an der Géigend vu Fëschbech bei Hengescht, no bei Mecher, an de Lëtzter Hecke bei Lëllgen (Béigen), an der Géigend vu Wäiswampech/Beeslek an am Bësch „Beischent“ tëscht der Maulusmillen a Clierf fonnt.

Et wieren och sou Iwwerreschter um Beckerbiërg bei Eesbech un der Our ze fannen. De Jean Haan schreift a sengem Wierk „Sagenumrankte Heimatburgen“: „Den in „Beischent“ liegenden Steinrümern hat der Volksmund die Bezeichnung „Tempelhäuser“ zugelegt. Hier soll (...) die

Ortschaft „Beischent“ gestanden haben, auf deren Überresten sich Templer festsetzten.

Di Beischenter Tempelherren waren sowohl den Clerfer Grafen als auch dem Volke verhasst, konnten aber allen Nachstellungen entgehen, weil stets ihrer Pferde Spuren die Verfolger täuschten. Erst als ein Hirt den Ausritt der Insassen verriet, konnten diese in derselben Nacht allesamt „vertilgt“ werden“.

Et bleibt nach ze bemierken, dass all dës Vestigen dem Vollek seng Fantasie lieweg gemaach hunn. All Ruin, där hir Originen net eendeiteg z'erkläere waren, gouf dacks den Templer zouggeschriwwen, och wann et dofir keng kloer Beweiser gouf.

Dat sougenannt „Templerschlass“ téscht Wäiswampech a Beesslek geet z.B. éischer op d'Iwwerreschter vun enger karolingescher Villa zréck an dierft, wann ee verschiddnen Historiker liest, knapps mëttelalterlech Wuerzelen hunn.

Wouer ass a bleibt awer, dass d'Geschicht vun den Templer extra facetteräich ass, an dass si am Lëtzebuerger Vollek fir munnech Legend gesuergt huet. D'Schlass vu Rued bei Veinen, dat no der Opléisung vum Uerden eng Commanderie vun de Johanniter-Ritter gouf, souwéi d'Nekloskapell zu Veianen dierfe wuel hautesdaags an eise Géigenden déi bekanntsten Zeien aus der Tempelgeschicht sinn, an eis ëmmer nees un dës mouvementéiert Zäit erënneren.

Hexen an Hexeverfolgung an der Äifel

1. Den Hexebegrëff

D'Hexeverfolgungen am 16. a 17. Joerhonnert waren nëmme virum Hannergrond vun der ganzer Entwécklung vum Mëttelalter méiglech, déi en Hexebegrëff definéiert haten, deen eng Hex als eng Gefor fir di ganz Mënschheet gesinn huet. Si gouf mat als Ursaach fir de kommenden Ënnergank vun der Mënschheet ugesinn. Dorënner waren an der Majoritéit Persoune vu weiblichem Geschlecht ze verstoen, déi e Bond mam Däiwel agaang waren. An där Relatioun sollte si hire Matmënsche Schued maachen an ënnert dem Virsätz vum Däiwel nuets un Hexesabbaten deelhuefen. Mat weiderer Hëllef vum Däiwel sollte si sech séier durch d'Luucht virubeweegen a schliesslech ënnereneen a mam Däiwel geschlechtlech Onzuucht driewen. D'Elementer vum Hexebegrëff sinn den Däiwelspakt, d'Däiwelsbulschaft, den Hexesabbat, den Hexefluch an de 'Maleficium' (Schlechtes maachen).

2. Wéi sinn d'Hexeprozesser entstan?

Ausgangspunkt a Virbild fir di spéider Hexeprozesser ware fir d'éischt d'Ketzerverfolgungen a Südfrankräich, déi et dunn iwwerholl goufen, fir d'Hexen ze erwëschen: déi sinn nach verfeinert an un d'Bedierfnisser vun där Zäit ugepasst. Den Ënnerscheid huet awer dora bestan, dass d'Ketzerprozesser sech haaptsächlech op Männer bezunn hunn. D'Hexeprozesser hu sech, verbonne mat engem immense Fraenhaass, op dat weiblecht Geschlecht bezunn. Deen Deel un Doudesuertele war och bei den Hexeprozesser méi héich; och di ganz Geriichtsprozesser an d'Methoden, fir di Ugeklot ze „befroen“, hunn eng ganz aner Dimensioun gehat.

3. De Pakt mam Däiwel

Di éischt Viraussetzung fir kënnen Wiederkatastrophen, Kränkt bei Mënsch an Déier, Zerstéierung vu Rekolten oder Bëscher ervirzeruffen, war de Pakt mam Däiwel. Wann d'Fra dem Däiwel hir Séil

iwwerléisst, kritt se vun him di iwwernatierlech Kräften. Si muss sech duerfir vu Gott, der Kierch, den Hellegen an de Sakramente lassoen. Dat geschitt op ofgeleeëne Plazen ouni Zeien, wou si da mat plakegem Hënner d'Kräiz beréiere muss, an dobäi dann e Sproch wéi dëse seet:

„Ech widderrufen, ech soe mech lass vu Gott an allen Hellegen, well ech gleewen, datt seng Allmuecht mech nit rette kann, an duerfir follegen an déngen ech dem Däiwel.“

Fir dee Pakt ofzeseenen, muss d'Hex dann dem Däiwel den Hënner kessen, an da kritt si d'Hexenzeechen wéi e Liewerfleck, eng Brandwonn oder eng aner Hautverännerung. Den Däiwel huet sech am allgemenge Fraen mat gerénge geeschtegen a moraleschen Eegeschaften erausgesicht; ganz dacks war länger Fortbleiwe vum Mann, den Doud vun engem noe Familjemember, Nout, Honger an d'Feele vun engem Auswee déi Schwaachpunkten, duerch déi den Däiwel konnt aktiv ginn. Bei jonke Meedercher huet hie ganz dacks kierperlecht Verlaangeren ausgenotzt, fir zum Zoch ze kommen.

4. D'Däiwelshouererei

Als Mëttelpunkt vun deem Pakt gëtt dat sexuell Zesummekomme vun Däiwel an Hex ugesinn. An der chrëschtlecher Virstellung vum Mëttelaler vun deene Joerhonnerte sinn d'Sënde vun der Fleeschloscht als di schlëmmst ugesi ginn. An de Prozesser ass d'Loscht bei kierperlecher Vereenegung als kal, gezwongen an ouni Gefill beschriwwe ginn; eng Hex konnt vun enger Schäingestalt wéi dem Däiwel och nit „anescht“ ginn. Wann déi Zäit Missgebuerten op d'Welt komm sinn, wat meeschtens duerch Inzucht an Inzest geschitt ass, gouf dat dann awer dem Däiwel zougeschriwwen. An all Hexeprozess, dee jo nëmme vu Männer an alle Fonktiounen gefouert gouf, war d'Beschreibung vun deene Saachen dee Punkt, deen am längste gedauert huet a wou d'Maansleit sech drunn opgegäilt hunn. Da kann ee sech jo virstellen, wéi desagreabel dat fir déi betraffe Frae war. Duerch all déi Widderspréich, an déi d'Frae sech da verwéckelt hunn, gouf et ganz dacks kloer, datt et guer nit zu enger Vereenegung komm war, mee datt et sech an der Fantasie vun de Fraen ofgespillt huet.

5. Den Hexesabbat

'Hexesabbat' gouf d'Versammlung vun allen Hexen aus der Géigend mam Däiwel genannt, wou dann déi onméiglechst a pervers Saache geschitt sinn. Wëll Orgie mat Iessen, Drénken an Danze waren dat, wou den Däiwel als Luzifer an der Gestalt vun engem schwaarze Bock opgetratt ass, an da vun de Fraen do wéi e Gott veréiert gouf. Déi Saachen, déi do fir d'Iessen opgedëscht goufen, waren eekleg an ongenéissbar, z.B. Kannerfleisch, Onken, an anert mackelzegt Gedéiesch. Di Räich konnten aus gëllenen a sëlwere Becheren drénken; di Arem hunn dat mussen aus Koukloe maachen. Mëttelpunkt awer waren nach ëmmer di sexuell Exzesser, wou jiddereng hir geheim Fantasien a Wënsch ausliewe konnt. Bei dëse Versammlungen huet den Däiwel awer och Instruktiounen un d'Hexe weiderginn, wéi se hire Matmënsche schuede kënnten. Dobäi goufen dann och di néideg Hëllefsmëttelen ausgedeelt.

6. Den Hexefluch

D'Transportmëttel fir op den Hexesabbat ze komme waren de Biesem, en décke Bengel, eng Heegafel oder en Déier wéi eng Geess. Mee virdrun hu se sech mat enger Fluchsalef areiwe mussen, déi se entweder selwer preparéiert oder vum Däiwel kritt hunn. Hir Lächer fir aus dem Haus ze komme ware Schaaschtech oder Schlëssellach; hir Versammlungsplaze Kierfechter, Ruinen oder Bëschwisen, déi ofgeleeë louchen. An de Prozesser hunn Zeien da beschriwwen, datt Hexen duerch eng Salef an Trance versat goufen, déi stonnelaang ugehal huet. Wa se dann doraus erwächt sinn, hu se gefuebelt an hunn erzielt wou se iwwerall waren a wat se gemaach hunn. Et gouf ugeholl, datt di

meescht Erzielungen op Abildung berout hunn, a vu verschiddenen „Experte“ gëtt behaupt, datt de Geescht ënnerwee war an déi kierperlech Hüls doheem bliwwen ass. Mee um Enn vum 15. Joerhonnert huet d'Kierch selwer an der Inquisition d'Theorie vum Hexefluch an Hexesabbat an der Riicht gehal, warscheinlech fir doduerch méi Argumenter fir di domat verbonne Strofexpeditionen ze hunn.

7. De Maleficium

Wuertwärtlech ass dat di schlecht Dot, oder den Zauber fir anere Leit eppes Béises unzedinn. Dee Wunsch huet bei Däiwel an Hex bestan, wou een ouni deen dat nit oder nit sou einfach fäerdegbruecht hätt. An de Prozesser goufen och dacks magesch Versich fir Kränkten ze heele beschriwwen; mee dat gouf dann hanneno awer op d'Kar vum Däiwel an dem Béise gelueden. Déi „gutt Zauberei“ wier schonn eegentlech näischt Schlechtes gewiescht, mee well et dacks nit riicht ausgang ass, den iwwernatierleche Kräften an dem Offale vum Glawen zougeschriwwen gouf, da gouf et awer als Däiwelskult ausgedäitscht.

Déi Malefizien sinn a sechs Gruppen ënnerdeelt:

- Beim Fruuchtzauber gi Feld- a Bamfriichten oder ganz Wäibierger vu Raupen, Schleeken oder anerem Gedéiesch befall.
- De Wiederzauber zerstéiert ganz Rekolte mat Äis a Knëppelsteng, Stierm an Donnerwiederer, Iwwerschwemmungen an dees méi.
- Déierekränkte waren och Saachen, déi de Leit vill Schued gemaach hunn. Dovu besonnesch befall ware Kéi a Päerd, de Baueren hire gréissten Deel vum Besët. Kéi hu keng Mëllech méi ginn oder hu verworf, Päerd kruten onheilbar Hautkränkten, si geckeg ginn oder ganz einfach futtigaang.
- Vu ganz villen Zorte waren d'Kränkten an d'Gebriechen déi de Mënschen ugehext goufen; dat ass meeschtens mat Hëllef vun engem Gedréinks geschitt. Dat huet ugefaang ma Lämungen, Knuppen an engem Bockel, Hoerausgoen oder gro Hoer, Giicht a Midderchen; et ass weidergaang iwwert de Bandwurm oder aner Wierm, Ausschlag, heefegt Bludden ouni opzehalen oder Impotenz beim Mann bis hin zu ustiechende Kränkte wéi Pescht a Cholera oder Geeschteskränkten.
- Bei der Verwandlung an en Déier huet et sech bei de Fraen meeschtens ëm eng Kaz oder en Hues gehandelt; bei de Männer war et de Wierwolff oder de Geessebock. Mee hinnen all ass awer d'Méiglechkeet bliwwen, fir no hirem Ausfluch an hire Schänterlechkeete sech rëm kënnen an e Mënsch ze verwandelen.
- D'Veronéierung vum hellege Sakrament oder Hostieschändung war déi Ondugend, déi gewéinlech eréischt no der Folterung zum Virschäin koum. Genee dat awer schéint de Riichter de wichtigste Punkt beim Prozess gewiescht ze sinn, well se duerfir d'Folter applizéiert hunn. Wann d'Hexen an der Kierch kommunizéiere gaang sinn, dann hu se sech d'Hostie onopfälleg aus dem Mond geholl, se an en Duch verstoppt; si hu se sech ënnert d'Zong leeë gelooss, bausst der Kierch hu se dann dem Däiwel s'iwwerlooss oder mat de Féiss drop getrëppelt. Meeschtens awer gouf se an d'Schmierdëppe gehäit, wou se als besonnesch Bäluecht méi Wierkung bei der Zaubersalef sollt hunn.

8. Hex, Heelerin, Hiewan

Aus deene villen Hexeprozeser gëtt ee ganz däitlech gewuer, datt ëmmer erëm medezinesch- a

Gebuertsberäicher betraff sinn, déi am Mëttelalter haaptsächlech vu Frae betreit gi sinn. Dat war zum Deel well di medezinesch Kenntnisser nach nit sou wäit fortgeschratt waren an iwwe Land nit genuch Doktere waren, fir alles ofzedecken. Da war et nëmmen natierlech, datt op al Erfahrungen an Heelkraider zréckgegraff gouf, a besonnesch do huet d'Mond-zu-Mond-Propaganda gegraff, fir de Leit matzedeelen, wou sou eng Persoun als „Expert“ ze fanne wier. Eng wichteg Roll hunn d'Fraen als Hiewan gespilt, well zu deem Beruff gouf wéinst dem Tabu vun der chrëschtlecher Sitteléier kee Mann gelooss. Dat waren an der Regel eeler Fraen, déi schonn en etlech Gebuerte vu sech selwer hannert sech haten oder an der Noperschaft ausgehollef hunn, a sech an d'Wësse vun de Kraider an Heelplanzen ageschafft haten. De Beruff vun der Hiewan war héich ugesin, well en och bis an d'spéit Mëttelalter vu kultesche Bräich begleet war. Eng glécklech verlafe Gebuert gouf ëmmer mat Festiessen an Drénke verbonden; well do d'Männer ausgeschloss waren, hu se deene Fester allerhand Saachen ugehaang, an dat huet no an no zu (falsche) Verdächtigung gefouert, déi eng giedleg Virlag fir d'Inquisition waren. Da goufen den Hiewanen awer och Fäegkeeten vu Verhiddungs- an Ofdreiwungsmethoden, zu Recht oder Onrecht, ugedicht, op där anerer Säit nach Rezepten vu Fruuchtbarkeet a Liebeszauber.

Während der Gebuert hunn d'Hiewane Mëttelcher parat gehat fir ze berouegen, d'Wéien ze fuerderen oder ze bremsen, oder fir d'Bluddung ze stoppen an d'Péng ze reduzéieren. All déi Mëttelcher waren aus der Nogeuert oder Plazenta hiergestallt, déi haut nach bei verschiddene modernen 'Zivilisationen' gehol ginn. Da gouf et awer och nach de Mudderkuch, wat e Schmarotzerpilz aus Kar, Weess, Geesch, Huewer an Dénkel war, deen d'Bluddunge stoppe sollt. D'Gefor war just, datt de Risiko fir eng Vergëftung relativ grouss war. De Frae gouf souguer ugeroden ze masturbéieren, well dat entspaant an erliichert huet, mee awer géint di chrëschtlech Léier verstouss huet. Duerch d'Uwendung vun dese Mëttele fir d'Péng ze reduzéieren huet d'Hiewan alt erëm géint déi Bibelformuléierung verstouss, déi gesot huet: „*Mat Wéi a Péng solls du däi Kand op d'Welt setzen.*“

Mee an der Zäit vun den Hexeverfollegungen gouf d'Enn vun de Fraen an de medezinesche Beräicher agelaut, an dat war d'Haaptoplag vun de Verfolger, wann awer och nach gär op hirt Wëssen an hir Erfahrung zréckgegraff gouf. Dobäi koum och nach de Versuch, fir e Reglement fir Hiewanen auszuschaffen. Et gouf, op d'mannst emol an de Stied, e Beruffsstand fir Hiewanen; dee gouf 1452 fir d'éischt agefouert. Do goufe virun allem och hygienesch Virschreften ausgeschafft an duerchgesat, fir di héich Stierflechkeetsrate bei Neigebuerenen ze reduzéieren.

9. D'Hexesalefen

D'Thema vun den Hexesalefen ass zimlech komplex; aus den Hexeprozeser gouff et zwou Erkenntnisser. Däiwel an Hex sinn an eng Zort Kohabitatioun getratt, mee et gouf meeschtens erausgestrach, datt et méi oder wéineger onfräiwëlleg vun der Hex war, a si huet et als äiskal an ouni Gefiller beschriwwen. Dem Däiwel säi Penis an och säi Sperma wiere kal gewiescht. Di zweet Behauptung war, datt d'Hexen ausgesot hunn, si wieren op enger Faart gewiescht, an domat wollte se soen, datt se an enger Zort Kramp stäif doheem louchen. An da koum d'Hexesalef an d'Spill, déi konnt Gefiller a Virstellungen ervirbréngen, déi baussent hire gewinnten Norme louchen. Et ass vun de Salefen eng narkotesch Wierkung ausgang, bei där de Kierper an en Déifschlof gefall lass, an dann ass de Geesch an d'Fantasie op d'Rees gaang. Di Salefen hunn aus Planze bestan, wou d'Planzen an d'Doséierungen nach ëmmer nit komplett bekannt sinn, mee déi, wéi Wëssenschaftler behaupten, duerchaus sexuell Dreem erauskëddele konnten. An de Gerichtsprotokolle koum och eraus, datt de Fraen hire Wëlle gebrach gouf, wat méi oder wéineger heescht, datt et och zu Vergewaltigung koum.

Et goufen a leschter Zäit Versich gemaach, déi Salefen no den alen, awer onvollständige Rezepten

nozeméschen; e Selbstversuch domat gött esou beschriwwen: „*Wéi am Dram hu mer fir d'éischt wëll, awer kontrolléiert Fléien erlieft, duerno ausgelassen Orgien, déi dem groussen Duercherneen vun engem Joermaart geglach hunn; ganz zum Schluss koumen onkontrolléiert a wëll erotesch Fantasien.*“

10. D'Folter

Natierlech sinn di Aussoen nach laang nit all aus fräie Stécker gemaach ginn. Fir et mol virsiichteg auszedecken: do gouf dann och emol nogehollef. D'Tortur war eng bis an de leschten Detail ausgekligelte Technik, fir d'Leit duerch kierperlech oder séilesch Péng zu Aussoen ze bréngen, fir sech selwer an och anerer ze denunzéieren. Wann d'Kierch am Ufank d'Folter verworf huet, sou ass se awer an der Zäit vun der Inquisition voll drop matgefuer, well et du fir si zu deem gewünschte Resultat gefouert huet. Wéivill Onschëlleger deemools ongerecht duerch déi erpressten Aussoen zu Schued komm sinn, kann ee sech jo liicht ausmolen. Well d'Tortur relativ fréi an engem Prozess agesat gouf, ass d'Prozesslängt deemools och deementspreechend ofgekierzt ginn, an dat Mëttel war wëllkomm, fir sou séier wéi méiglech sou vill wéi méiglech Prozesser kënnen ad acta ze leeën.

11. Di Äifeler Hexeprozeser

Den Héichpunkt an den Hexeprozeser an der Äifel war tëscht 1560 a 1630, a war do méi schlëmm wéi am Rescht vum däitsche Räich. Et war zum Beispill en Ënnerscheid mat Lëtzebuerg, wou d'Provänzgeriicht drop gehal huet virun der Verkënnegung vum Uertel d'Prozessakte virgeluecht ze kréien, fir Mëssbrauch oder Iwwerdreiwungen aus dem Wee ze goen. Do goufen dann d'Akten hannescht geschéckt, fir se eemol oder e puermol, jee no Noutwennegkeet, z'iwwerpräifen.

Duerno koumen dann an der Äifel déi sougenannten Hexekommissären zum Asaz, well d'Obregkeet op ville Plazen nit genuch iwwer Hexeverfolgung am Bild war. A grad do, wou dës Kommissären hikomm sinn, ass d'Zuel vun de Prozesser géi an d'Luucht gaang. Dat hat awer näischt mat besonnesche Fäegkeeten a Kenntnisser vun deene Leit ze dinn, mee mat hirer Rafegkeet, well se pro Prozess oder Veruertelung bezuelt gi sinn, och nach Schmiergelder vu Leit agestach hunn, déi anerer un de Gaalgen oder de Feierkoup bréngen wollten.

Lëtzebuerg an de Grenze vu viru 1659

Wann een e Buch iwwer lëtzebuenger Soen zesummesicht, déi sech um groussen Deel am Mëttelalter ofgespillt hunn, da kënnst een nit derlaanscht, fir bis op d'Grenze vun eisem Territoire vu viru 1659 zrëckzegräifen.

De Groussherzogtum Lëtzebuerg gouf et jo réischt nom Wiener Kongress an dem Fale vum Napoleon. Virdu war Lëtzebuerg just en Herzogtum, an deem haten d'“Fransosen“ am Vertrag vun de Pyrenäen 1659 di südlech Territoiren ënnen un de Kantonen Esch a Réimech ofgeknäppt. Dat waren am ganzen 1290 Quadratkilometer.

Di zweet territorial Verkleinerung gouf et bei der Neiuordnung vun Europa am Verlaf vum Wiener Kongress, wéi all d'Territoiren am Oste vun der Musel, der Sauer an der Our un Däitschland gefal sinn, déi an dësem Buch ënnert der Bezeechnung Südäifel, Nordwestäifel an een Deel vun Neibelgie figuréieren. Dat war e Verloscht vun 2300 Quadratkilometer. Als kleng Kompensatioun gouf et do de gréissten Deel vum Herzogtum Bouillon an e klengt Stéck vum Duché Léck.

Di drëtt a lescht Verklengerung koum 1839, wou dann och eis drëtt Noperen, no de Fransousen an de Preisen, d'Belsch, sech bei äis bedéngt hunn, a sech dobäi och dat gréisst Stéck vum Kuch geholl hunn. Dat waren 5 Distrikten, an zwar Arel, Baastnech, Marche, Neufchateau a Virton, déi dann an der Province de Luxembourg zesummegefaasst goufen. Do hu mir nach eng Kéier 4320 Quadratkilometer verluer.

Vun am ganzen 10500 Quatratkilometer viru 1659 sinn äis der dann nach just 2587 bliwwen, oder anescht ausgedréckt, knapps 25 Prozent.

Sou léisst et sech dann och einfach erklären, datt ronn 40 Prozent vum Volume vun den hei gebrauchte Bicher aus de fréiere lëtzebuenger Territoire staamt. Et kann een awer nach derbäi soen, datt quasi nëmmen op däitschsproocheg Publikatiounen zréckgegraff gouf.

Dat schwéierst um Erauswielen vun de Soe war awer sonner Zweifel, fir erauszefannen, wätfir eng Uertschaften an den Äifeler Kantonen zu Lëtzebuerg gehéiert hunn oder nit, well de Grenzverlaf nit ëmmer ganz kloer war; et sinn eng Rei Uertschaafte ginn, déi et haut nit méi gëtt, oder déi an enger neier Gemeng inkorporéiert sinn. Eng grouss Hëllef hat ech duerfir bei mengem Editeur Stephan Moll; zesummen hu mer versicht, dat sou genee wéi méiglech ronnzekeréien. Mir sinn äis awer bewusst, datt äis dobäi vläicht e puer kleng Feeler ënnerlaf sinn, a mir bidden de Lieser an deem Thema nit zevill streng mat äis ëmzegoen.

Di lëtzebuenger Soegestalten an der Philatelie

Et huet relativ laang gedauert, bis di lëtzebuenger Soegestalten op Bréifkappercher opgedaucht sinn. 1965 a 1966 war et dann esou wäit, d'Caritas huet 2 Serien vun am ganzen 11 Timberen rausginn: d'Soegestalten, déi do ofgebillt waren, waren:

1. Di léif Damm vum Tételbiereg
2. De Schäppche vun Duelem
3. D'Hex vu Käerch
4. D'Wiichtelcher vu Schëndels
5. D'Giedel vun Heeschpelt
6. Den Tollche vun Hesper
7. D'Schlärmreche vu Wuermeldeng
8. De Jeekel vu Waarken
9. D'Kimmfräche vu Rouspert
10. De Schwoarze vua Veinen
11. Den Donkelseser Wollef